N°4230
Entrée le 11.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.06.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Den 29ten Abrëll dëst Joer gouf ee Finanzéierungsgesetz vun 280 Milliounen Euro fir de Schülertransport mam Bus an der Chamber gestëmmt (Gesetzesprojet n°8632).

Am Kader vun dësem Gesetzesprojet haten ech an aner Riedner op d'Berechnungen vun der Chambre de Commerce, higewisen, datt de Käschtepunkt pro Kilometer an der Regioun Süden 3,7 Mol méi héich ass wéi am Rescht vum Land.

An den Debatt an der Chamber gouf d'Fro opgeworf, ob d'Präisser hei berechtegt sinn an enger fairer Konkurrenzsituatioun entspriechen. Dofir hat d'Chamber an enger Motioun d'Ministesch opgefuerdert, fir d'Autorité de la concurrence ze saiséieren, fir eng Analys vum Marché vun de spezialiséierten Transporter duerchzeféieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Huet d'Regierung d'Autorité de la concurrence mëttlerweil, esou wéi vun der Chamber gefuerdert, saiséiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés